

Fir unzufänke well ech all deene Leit Merci soen,déi un desem Budget geschafft hunn.Vill lwerleungen a Berechnunge steechen derhanner an dat alles am Sënn vun enger seriöser Finanzpolitik wéi eis Gemeng dat déi läscht Joere kennt.Mir hunn hei e gudd duerchdueten a zukunftorientéierte Budget virleien.Et ass e Budget dee vill Arbecht an domat och vill Geld an Infrastrukture,Soziales,Patrimoine an och an de Fonctionement vun der Gemeng,bref an d'Zukunft an d'qualité de vie vun de Munnrefer Bierger investéiert

Ech gin elo net méi op Zuelen an ,ech well kuerz op déi Punkten am Budget agoën,déi sech op eise Patrimoine bezéien. 2018 ass jo als « année du patrimoine » déclaréiert, mir brauchen awer dofir keng speziell Declaratioun,mir investéiere scho lang all Joer regelméisseg an eise Patrimoine a mir wellen dat och weider esou machen.Elo just hu mer jo nach en Haus am Millewee klasséiert,dat ass mettwilerweil dat 13.Gebai wat mer an deene läschten 2 Joer klasséiert hunn a mir wärten dat och nach weider esou man .Et kann een also net behapte mir wellten alles ofrappen fir et durch Beton ze ersetzen.Selbstverständlech mussen Neibauten opgerit ginn,Munneref gett emmer méi beléift als Wunnsätz.

Am Moment si jo och eng Rei gréisser Projetë geplangt,ech denken do un de Site Gremëlter,mais déi bestehend Gebaier mussen erhal a renovéiert ginn an en bon père de famille versuergt ginn.

D'Gemeng Munneref besëtzt mëtlerweil ëm déi 28 ha Akerland,Wisen a Bauland, a si ass Propriétaire vu méi wéi 30 Gebaier an Haiser .An desem Budget stinn 2.000.000 € fir d'Uschafung vun Terrainen an Haiser.

Fänke mer zu Elleng un.

Do ass jo d'Paschtoueschhaus klasséiert ginn an dat gët elo fir 400.000 € komplett renovéiert,ze bemierken ass,dass dës Aarbechten zu 75% vum Staat subventionéiert ginn.

D'Kapell um Kierfech ,déi jo och als Morgue déint,gëtt enner der Opsicht vu Sites et Monuments fir 75.000 € restauréiert.Et ass dest eng ural Kapell, eigentlech ass et de Chouer vun der aler Ellenger Kierch ,déi 1873 ofgerapt gouf.D'Fundamenter vun deser Kapell sin awer nach däitlech mëi al.An engem Eckpeiler ass emol d'Joereszuel 1625 agemeesselt.

De Schapp « a Kréiesch » kritt eng nei Fonctioun , 75.000 € si virgesi fir Etuden , hei ass geplangt e lieu de rencontre a Wunnengen ze schafen an esou d'Duerfliewen ze beräicheren an ze beliewen.

Komme mir dann op Altwis.

D'Musekschoul mat Versammlungsraum fir d'Veräiner ass jo färdeg ,am Kader vun desen Arbechte gouf jo och schon de Parvis vun der Kierch nei gemat.Fir 2018 sinn 100.000 € agedro fir d'Facade vun der Kierch ze man an d'Beleuchtung ronderem d'Kierch .Den alen Deel vum Kierfech gët sanéiert .Hei sin 35.000 € virgesinn

Am Haff vun der Musekschoul gët eng kleng Spillplaz amenagéiert ,déi dann och ka vun der Crèche vis-à-vis benotzt gin,d'Spillplaz bei der Crèche selwer muss awer och astand gesat ginn,fir des Projeten an nach aner Spillplazen an der Gemeng si 60000.€ agesat.

Op der Festplaz um Däich gët en Auvent niewent der Remise opgeriet,fir dass d'Wisser Leit besser geschützt si wann se do grillen an hir Duerffester feieren.Et stinn 10.000€ am Budget.

Fir d'Koppes Haus si vierleefeg 75.000€ agedro,dat ass virun allem fir Etuden a Pläng.Dest ass en Haus mat enger gudder Bausubstanz a virun allem awer mat wertvolle Fensteren a Fresken (et gouf jo net fir näischt Fensterepalais genannt) an hei huet jo schlieslech de Jean-Pierre Koppes, en aussergewöhnleche Fensteremoler gewunnt a geschafft.Natirlech därf net allzelang mat den Arbechte gewart ginn,mer wessen all wéi séier Haiser leide wa se eidel stinn,ma zum Glick ass den Daach an der Rei an et kann ee gespaant sinn op des Renovéierung.

Un der Steewand an der V.Hugo Strooss hunn Infiltratiounen d'Stabilitéit vun der Mauer beschiedegt,do sinn 25.000€ virgesi fir dese Schued ze behiewen.

Och zu Munneref sinn Renovatioune geplangt.

A Collaboratioun mat Sites et Monuments get d'Montée Ungeschick nei amenagéiert.Et ass dest déi duebel Traap dèi erop bei d'Kierch geet.Dese Site ass protegéiert an et ass e ganz pittoresken Eck. .D'Trapen,d'Mauern,d'Balustraden an d'Gelänner ginn ofgemat,déi etageförmeg Beeter ginn nei ugeluet a beplantz,et kann ee Bänken opstelle an Luuchte ubringen, sou wéi dat an der Wooneschgässel gemat gouf a wat wierklech gutt gelongen ass.Selbstverständlech gett d'Pieta mat der klenger Kapell restauréiert.Des Statue ass e chef-d'œuvre aus dem Atelier Reyter vun Altwis.Dobäi sief ze bemierken ,dass déi Reyterfamill vun Altwis remarkabel Bildhauer waren a fréier war Altwis bekannt als dat Duerf mat deene meeschte Weekräizer,dat waren alles Kreatiounen aus dem Reyteratelier.

Wa mer da weider gi si mer um Kiercheplateau,wou d'Arbechte sech iwer 3 Joer gestreckt hunn a wou lo déi lescht Phase entaméiert ass.D'Arbechten am Jardin du Souvenir mat der Streewiss si voll am Gaang a wann déi färdeg sinn gett dann de Parvis ronderem d'Kierch gemaat.700.000 € sti fir des Aarbechten am Budget.

Déi lescht Joeren ass vill um Cristal-Mondorf Komplex geschäft ginn, déi 3 Haiser si restauréiert ginn, Versammlungsraum an e Studio goufen amenagéiert an elo muss iwerluecht ginn wéi all déi Garagen a Remise funktionell a nohalteg kenne genotzt an amenagéiert ginn. Et ass eng Somme virgesi fir Etuden ze man wéi een dese Site kann optimal gestalten fir de Service technique dee Plaaz brauch.

An der John Grün Strooss wou virun 2 Joer déi 3 Haiser kaft goufen get elo nach de 4A renovéiert, de Nr 6 kritt eng Gasheizung genau sou wéi d'Haus Klemmer am Millewee an d'Haus Demuth an der Gassel, all des Arbechte si mat 400.000 € agedro. Bei all desen Haiser darf een net aus den Ae veléieren, dass des Acquisitioune genausou wéi d'Renovatioune vum Staat mat 75% ennerstetzt ginn an do kann ee behapten, dass eise Schefferot eng gudd Händchen hat wéi se des Transactione verhandelt hunn.

Nodeem d'Ofwaasserproblemer an d'Infrastrukturplanungen am Badbëschelchen ofgeschloss sinn (d'Rohrdrosselen an d'Flëntermais hunn och hiren Accord ginn) kann dann 2018 mam Chalet fir d'Scouten an d'classes vertes ugfang ginn, et stinn 1.500.000 € am Budget.

Fir ofzeschléissen nach eng Kéier Merci un d'Gemengeservicer, déi mam Schefferot dest Dokument erschafft hunn.

Da wënschen ech alle Leit hei ronderem den Dësch an awer och alle Leit hei am Sall schéi fêtes de fin d'année an eis hei um Dësch am neie Joer eng gudd Zesummenarbecht am Dentscht vun eiser schéiner Gemeng Munneref (oder Mondorf-les-BAINS)